1 Athénée de Luxembourg
2 Provisorescht Gebai fir de Lycée Michel Rodange
3 Ecole de Commerce et de Gestion
4 Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg
5 International School Luxembourg
6 Lycée Michel Rodange (a Renovatioun)
7 Lycée Aline Mayrisch
8 Forum Geesseknäppchen

Text: Isabelle Becker

Firwat heescht...

de Geesseknäppchen Geesseknäppchen?

De *Geisknapges Weeg*, dee vun der Place de France iwwert de Réck vum Geesseknäppchen ewech bis bei d'fréiert Schluechthaus op Hollerech gefouert huet, ass schonn am Uerkadaster (em 1820) agezeechent. Um Südhang *op Geessecht* stounge Kallekiewen. D'Märeler Kallekssteng ware bekannt a kostbar: dee gewonnene Kallekmörtel ass fir de Bau vun der Festung genotzt ginn.[1] De Batty Weber erzielt vun engem bescheidenen Haischen ëm 1900 mat Klengvéih op der Knupp ; dorënner woren och e Geessebock a Geessen, wat op de Numm kéint hiweisen.[2] Allerdéngs ass den Numm méi al. Et fënnt een z.B de Numm „Gaisberg " éfters am däitsche Raum, an do gëtt en mat dem keltesche Wuert "Geis = Heiliges Tabu" – grad wéi d'iresch Wuert „ gaysh, geas " – a Verbindung bruecht.[3]

E Bléck an d'lescht Joerhonnert verréit e puer ganz ënnerschiddlech Evenementer, déi sech op der fréierer hiwweleger Wiss zougedroen hunn. Am Joer 1911 war de Geesseknäppche war schwaarz vu Leit, wéi den Aero-Club am Kader vun senger Flugwoch[4] déi éischt Prouesse am Fléie virgestallt huet. Dës Manifestatioun gouf och nach no 1920 vum Pilot Hemmer mam Fliger „Prince Jean " weidergefouert.[5] Vill Angscht a Baange gouf et an der Stad den 2. August 1914 beim Afall vun den Zaldote vum Däitsche Räich. Si hu Grief tëschent Hollerech a Märel gezunn a fir kuerz Zäit um Geesseknäppchen Artillerie a Richtung Lonkech opgestallt.[6] Dee selwechten Hiwwel huet 1944, kuerz virun der Liberatioun, den Amerikaner gedéngt, fir a Richtung Sandweiler ze schéissen.[7] Mee Kanounen op Geessecht, dat war och eng friddlech Traditioun bis 1961, well do si reegelméisseg den 23. Januar um Dag vun hirem Gebuertsdag Kanouneschëss zu Éiere vun der Grande-Duchesse Charlotte, ofgeschoss ginn.[8]

Op dem Flouernumm *op Geissige* ass säit de 1960ger Joer en 25ha grousse Schoulcampus mat Lycéeën, engem Conservatoire, Sportinfrastrukturen an dem Forum Geesseknäppchen realiséiert ginn.

Auteur inconnu / 1911 / © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Flugfest um Geesseknäppchen.

1 Paul Medernach, Neumerl- Neimärel, ons Stad, 1993, nr 42, S. 6-9.

2 Batty Weber, Luxemburg, 11.1.1923, Tony Jungblut, 1944, Ons Stad 1993 nr 42, S. 8.

3 http://www.efodon.com/html/archiv/vorgeschichte/haug/SY10906%20Haug%20-%20Zeugenberge.pdf
Walter Haug, Keugenberge oder Stufenpyramiden ? OED, oxford English dictionary fir geis.

4 Luxemburger Bürgerzeitung, 10.10.1911, S. 1, Zur Flugwoche in Luxemburg.

5 Paul Medernach ibidem.

6 Tageblatt Chronik vum 7.4.1915. Obermoselzeitung 3.8.1914.

7 Erënnerungen vum Lucien Duren, deem seng Grousselteren Barthel-Becker an hien selwer zu Neimärel gewunnt hunn.

8 Paul Medernach ibidem, Vic Jeager, L'armement de la Force Armée luxembourgeoise 1881-1997, 1997, p. 35, zitéiert och de Verlourekascht, Dräi Eechelen an d'Rumm.

Isabelle Becker

D'Isabelle Becker ass Archäologin an Historikerin bei der Bauteverwaltung (ABP).